

Sportler- a Persounenféierungen 2022

Am Kader vun de Festivitéiten um Viowend vun Nationalfeierdag den 22. Juni 2022 am Park zu Schieren.

D'Schierener Sportsveräiner si gebieden der Gemeng souwuel d'Equppen wéi och déi eenzel Sportler matzedelen (per Courier oder per Email : secretariat@schieren.lu), déi am Laf vun den zwou leschte Saisonnen een nationalen Titel an enger offizieller nationaler oder internationaler Competitioun gewonnen hunn, respektiv aus enger Divisioun opgestigen sinn.

Och individuell Sportler, déi an der Gemeng Schieren wunnen, awer hirem Sport bei engem Veräin aus enger anerer Gemeng noginn, kennen hir Referenzen erarechen.

Des Weideren ginn och Membere vun lokale Kulturveräiner oder Privatleit mat honorabelen Verdéngschter (kulturell, historesch, asw.) gebieden hir Referenzen un d'Gemeng weiderzeleeden.

Umeldungsfriest : 1. Juni 2022

Mat sportleche Gréiss !

Schieren, den 25. Abrëll 2022

De Schäfferot

